



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit, Energie & Finanzen weiderzeleeden.

Viru ronn engem Mount huet den Energieminister ugekënnegt, dass ab dem éischte Mäerz vun dësem Joer d'Autossteuer net méi nom NEFZ-Modell berechent gëtt, mee nom WLTP-Modell, wat eng Hausse vun dëser Steuer zur Konsequenz wäert hunn.

Wéi den Energieminister an engem RTL-Interview vum 7ten Dezember gesot huet, soll d'Steuer awer just fir Neiveen gëllen an net fir Autoen, déi schonns verkaft goufen.

Do stellt sech allerdéngs d'Fro, wéi d'Autossteuer fir déijeeneg Keefer berechent gëtt, déi hire Kafkontrakt oder Devis schonns virun der Aféierung vun der Autossteuer ënnerschriwwen hunn an hiren Auto eréischt dëst Joer ausgehännegt kréien, immatrikuléieren a bezuelen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit d'Situatioun aus fir Keefer, déi virun der Aféierung vun der neier Autossteuer eng Offer ënnerschriwwen hunn, mee den Auto eréischt am Joer 2020 ausgehännegt kréie bzw. dëse réischt am Joer 2020 immatrikuléieren? Falen dës Keefer ënnert de Regime vun der vireger Autossteuer oder ënnert de neie Regime?
2. Wat ass den ausschlaggebende Kritter, fir dass d'Bestellung vun engem Auto am Joer 2019 ënnert de Regime vun der vireger, respektiv der neier Autossteuer fält? Geet et duer een ënnerschriwwene Kafkontrakt oder Dévis zum Zäitpunkt vun 2019 virzeléeën oder gëtt den Datum vun der éischer Immatriculatioun vum Auto consideréiert?
3. Am RTL-Interview sot de Minister, dass Occasionsautoen net vun der neier Steuer wäerte betraff sinn. D'Steuer gëllt deemno net fir "déi Autoen, déi ee schonn huet". Wéi rechtfäerdegt d'Regierung, dass Autosbesëtzer, déi genee dee selwechten Typ Auto mat der selwechter Motoriséierung hunn a jeeweils déi nämmelech Quantitéit un Zäregaser ausscheiden, mat zweeërlee Mooss besteiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc



www.piraten.lu

Député



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange



www.piraten.lu